



Lëtzebuurger
Guiden a Scouten
Branche Avex



1. Newsletter – November 2020

Virwuert

Mir plangen dës Form vun Newsletter fir esou vill ewéi méiglech Informatiounen am Virfeld vum Camp mat de Chef/Gruppechef ze deelen. **Et ass net geduecht dës Newsletter un d'Avex oder un d'Elteren weider ze leeden.** Dëst kéint zu Confusiounen féieren wëll hei och vill reng "intern" Informatiounen dra stinn.

Praktesch Infoen zum Camp

Maximal Zuel vu Participant'en : **1000 Leit (750 AvEx an 250 Chef)**

Zielgrupp : All d'Avex-Truppen vun den LGS

Plaz : Zu Ettelbréck hannert der Daichhaal. Um Site wou virdrun d'Foire Agricole ass. Daat bedeit dass mir e Konzept mussen ausschaffen dass mir verschidden Elementer vun der Foire Agricole och fir de Camp kënne notzen.


Datum Camp : **19. Juli – 29. Juli 2021**

Infrastruktur vum Camp :

Ons Campplaz verwandele mer fir 11 Deeg an eng Zeltstad, wou d'Deko an d'Konstruktiounen sech um Thema vun den 4 Elementer orientéieren.

Mir plangen de Camp mat **4 Souscampen**. All Souscamp steet fir een Element.

An an der Avexmethod geet och riets vum Schaffen a kleng Gruppen, dëst gëtt duerch méi kleng Souscampen nach méi gefördert.



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux

VOYAGES
VANDIVINIT
Reisen mat Stil

BIL
BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG
1856



Lëtzebuurger
Guiden a Scouten
Branche Avex



Thema vum Camp

De Programm orientéiert sech um **Thema vum Camp, de 4 Elementer; Feier, Waasser, Äerd, Loft.** Déi 4 Elementer sti fir 4 wichteg Piliere aus dem Guidissëm/Scoutissëm, déi an den eenzele Programmpunkten thematiséiert a konkret ëmgesat ginn.

Feier – Abenteuer - Adventureaktivitéite ginn deene Jonke vill Geleeënheeten dobaussen aktiv ze sinn, eng Ofwiesslung zum Alldag ze hunn, an hiren Entdeckergeescht unzureegen. Dobäi léiere si hier kierperlech Fäegkeeten auszubauen an e Bewosstsinn fir hire Kierper an hier Gesondheet ze entwéckelen.



Waasser – Fridden - Enner Fridden versti mir, zu all Moment oppen an tolerant vis-à-vis vun anere Kulturen ze sinn an dës als eng Beräicherung fir eist perséinlecht Liewen a fir eis Gesellschaft unzegesinn. Als Deel vun engem weltwäit aktive Jugendmouvement, ass Friddenserzéihung e wichtegt Element vun eisem Verband.

Äerd – Natur - Mat Aktivitéiten am Beräich Natur an Ëmwelt wëlle mir bei de Jonken den Interessi un der Natur an d'Veständnis fir d'Zesammenhäng an d'Problematik férdere.

Loft – Kreativitéit - Duerch ofwiesslungsräich Aktivitéite gi mir de Jonken e Raum fir Saachen auszeprobéieren an ze erfuerschen. Nom Prinzip vum „Learning by Doing“ kréien déi Jonk d'Méiglechkeet sech kreativ a selbstänneg un der Gestaltung vun hirem Programm ze bedeelegen. D'Avex solle sech kreativ ausliewe kënnen, an et soll een hinnen net alles virgi wat se solle maachen. Dëst ass ee Punkt deen een gutt bei de Veilléen, den Atelierien, de SC Aktivitéiten ... kann ëmsetzen.

Alleguer d'Aktivitéite souwéi och d'Konstruktiounen um Camp solle sech um Thema vun de 4 Elementer orientéieren.

Nieft den typesche Programmpunkten ewéi Opriichten, Konstruktiounen, Eröffnungsvéillée, Hike, Mass, Nuetspill, Besuchsdag, Oofschlossvéillée, ... probéiere mer och zum Thema an zum Alter vun den Avex passend nei Aktivitéiten unzebidden.

Ee weidere Programmpunkt ass d'Avexbar wou d'Avex sech treffen fir geselleg zesummen ze sinn. D'Avex sinn hei ënner sech a kennen an hirer Fräizäit hei hikommen fir eppes ze drénken oder z'iessen.



E grouse Merci un eis Sponsoren





Lëtzebuurger
Guiden a Scouten
Branche Avex




Numm vum Camp

Den Numm vum Camp soll eppes mam Thema ze dinn hunn. Fir d'Avex gréisstméigech a participativ an de Camp mat an ze bannen hate mer hinnen d'Méiglechkeete ginn eng Numm-Propose eran ze ginn. Den Topstaff huet 3 Proposen (vun 26) zeréckbehal. D'Avex konnten ofstëmmen wéien Numm sie wëllen fir de Camp. Per Online-Vote gouf dunn den Numm **TERRAVIVA** zeréckbehal.

TERRAVIVA dréint sech ganz ëm d'Land/d'Äerd déi leeft ("the land that lives") a se kann nëmmen duerch déi 4 Elementer liewen. Den Numm spigelt awer och d'Liewensfreed erëm an dass mir nëmmen a Symbiose mat der Äerd kënnen liewen a mer dowéinst gutt ob se mussen oppassen.

Logo vum Camp



Feier



Äerd



Waasser



Loft



E grouse Merci un eis Sponsoren

lalux[®]

VOYAGES
VANDIVINIT
Reizen met Stil



D'Hauptziler vum Programm

Nohalteg: Mir wëllen, dass eis Aktivitéiten nohalteg sinn, dat bedeit, dass dat wat um Camp „produzéiert/hiergestallt“ gëtt, (z.B. an Ateliers) eng Weiderverwärtung fënnt.

Partizipativ: D'Participanten bréngen hier Iddien an Talenter aktiv am Programm mat an a kënnen och selwer Ateliers / Spiller an de verschiddenste Beräicher wéi z.B. Um Besuchsdag oder Truppndag ubidden.

Open a Visibel: Bei all proposéiert Aktivitéit soll gekuckt ginn, ob en Expert (och Net-Guide/Scout) dës ka beräicheren. Eis Aktivitéite sollen awer och no bause gedroe ginn, andeems mir och an der Stad Ettelbréck present an aktiv sinn (z.B. Park, Foussgängerzone,...). Aner Aktivitéite sollen de Camp dann och nach op maache fir d'Leit vun dobaussen (z.B. Besuchsdag).

Ganzheetlech an Edukativ: All Aktivitéit muss an de Kader vum edukative Konzept vun den LGS passen. Fir den Avex ass et kloer a wat fir engem vun deene 5 edukativen Entwécklungsberäicher vun der LGS Method hien sech grad weider bild. Hie soll iwwert de Camp all Beräicher ofdecke fir eng ganzheetlech Entwécklung kënnen matzemaachen.

Dësem Gedanken no schaffe mer net nëmme mat Erfahrungswärter vun eisen eegene Leit, mee mir maachen eis op fir d'Zesummenaarbecht mat aneren Organisatiounen. Dës Zesummenaarbecht soll eng Beräicherung fir all Partei sinn an zur Entwécklung vun alle bäidroen.


Programm

Hei e Beispill vun den haapt Programmpunkten vum Dag. Derbäi kommen dann nach déi alldeelech Aktivitéiten ewéi kachen, iessen, spullen, Fräizäit, etc.

SC 2	Méindes 19. Juli	Dönschdes 20. Juli	Méttwoch 21. Juli	Donneschen 22. Juli	Freiden 23. Juli	Samsten 24. Juli	Sonnden 25. Juli	Méindes 26. Juli	Dönschden 27. Juli	Méttwoch 28. Juli	Donneschen 29. Juli
Moies	Ukommen an oprichten	SC-Akt.	Native Village	HIKE	HIKE a Schwämm	Atelier	Besuchsdag	Rally	TRUPPENDAG	Visiten	Oofschloss-veillée
Mëttes		Oprichten						Olympiade			
Owes	Veillée am SC	Opening	Feierveillée		Fräizäit	Nuetsspill		Avexbar			



Topstaff



Infirmierie

Kleng Verletzunge sollen – sou wäit wéi méiglech – an der Trupp versuergt ginn. Dofir soll all Trupp hier eegen Éischt Hëllef Këscht matbréngen (eng Lëscht mam Inhalt gëtt als Beispill am Virfeld verschéckt).

Fir all akut gesondheetlech Problemer bei den Avex, de Chefs an dem Staff ; wéi Krankheeten a méi oder manner schlëmm Verletzungen ; steet eng „Infirmierie“ zur Verfügung. Hei si während dem ganze Camp Dokteren, Infirmièren a Secouristen am Asaz.

Et ass Dag an Nuecht op d’mannst een Dokter op der Plaz. D’Infirmierie huet e Stock u Medikamenter, déi op Decisioun vun engem Campdokter kënne benotzt ginn. Behandlungen an der Infirmierie si gratis. All Passage an der Infirmierie gëtt informatesch erfaasst a vertraulech behandelt.

Méi schwéier Fäll, déi eng spezialiséiert Behandlung brauchen, ginn an d’Spidol vum Déngscht iwewerwisen (CHdN-Ettelbréck fir Erwuessener, CHL-Kannerklinik fir Jonker ënner 15 Joer).

Jiddereen, deen op d’mannst eng Nuecht um Camp schléift, muss eng Fiche Médicale (Modell LGS) ausfüllen a bei der Arrivée an der Infirmierie ofginn. Dës Fiche ginn 1 Joer nom Camp zerstéiert.

Umeldung

D'Umeldung fir de Camp leeft iwver d'Truppen, dat heecht dass all Trupp sech (Avex a Chef) muss zesummen umellen. De Responsabelen pro Trupp meldt seng Trupp un iwver terraviva.lgs.lu/aschreiwung. Heifir brauch ee säin LGS Login.

Präiss

De Präiss vum Camp ass fixéiert op 225€ pro Avex an 150€ fir Chef a Staff. Am Präiss mat dran ass de komplette Programm fir d'Avex, de Ravi fir Moies, Mëttes an Owes, d'Sanitäreanlagen, d'Infirmerie, ...

Crèche

Fir déi komplett Dauer vum Camp bidde mer eng Crèche un. Dëse Service kascht eng kleng Participatioun pro Kand a leeft während der Dauer vun den Aktivitéiten am Dag (net Owes). Détailler kommen an enger nächster Newsletter.

Délais fir d'Umeldung

Den Délais fir d'Umeldung a fir en 1. Accompte ass den 31. Januar 2021. Detailler heizou, esou ewéi d'Modalitéiten wéinst der Situatioun em de Coronavirus kommen an enger 2. Newsletter am Dezember.

Covid-19

Den Topstaff vum TerraViva an de Verband vun den LGS maachen alles derfir dass de Camp ka statt fannen. Ëm Mäerz/Abrëll 2021 décidéiere mer op mer mat de Preparatioune kënnen weider fueren oder op mer müssen d'Brems zéihen. Wann dëst misst wéinst dem Coronavirus geschéien, verséhere mer jidderengem en eventuellen Accompte integral zeréck ze bezuelen. Och hei kommen kloër Detailler an enger nächster Newsletter.

Sozial Medien



terraviva.lu



info@terraviva.lu

Bescht Guiden- a Scoutsgréiss
Fir den Topstaff
Romain